PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 16/03/2023

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Energie weiderzeleeden.

Zanter e puer Méint ginn an de Gemengen am Land Energiespuer-Sette verdeelt. Dëst Sets ginn am Kader vun der Campagne "*Zesumme spueren, zesummen halen*" mat Enovos un all intresséiert Haushalter verdeelt.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill vun den Energiespuer-Sette si bestallt ginn?
2. Wat war de Käschtepunkt heivunner?
   Huet Enovos hei een Deel vun de Käschten iwwerholl?
3. Wéi vill Sette konnte verdeelt ginn?
4. Wat geschitt mat deene Setten, déi iwwereg bliwwe sinn?
5. Gouf et eng ëffentlech Ausschreiwung fir d'Energiespuer-Setten?
   Wa jo, wéi vill Entreprisen hu sech gemellt?
   Wa nee, firwat net?
6. Vue, dass net all Haushalt wäert kënne mat all Deel vum Set eppes kënnen ufänken, firwat gouf net virgesinn, dass d'Leit déi Saachen, déi se net brauchen, an der Gemeng loossen?
   Gesäit de Minister an, dass esou hätte kënne Ressourcen agespuert ginn an d'Leit responsabiliséiert gi wieren, par Rapport zu dësem Ressourceverbrauch?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Deputéierten